



N°849  
Entrée le 05.06.2024  
Chambre des Députés  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Claude Wiseler  
Luxembourg, le 06.06.2024

Claude WISELER  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/06/2024

Här President,

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Mobbing a Cybermobbing si grouss Problemer an eiser Gesellschaft an an eise Schoule. Fir déi Betrafte ka Mobbing zu laangfristige mentale Problemer féieren. Op der Bee Secure Helpline hu fir d'Schouljoer 2022/2023 sech 101 Mannerjäreger oder hir Elteren an hirer Plaz fir Hëllef gemellt.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann de Ministère Zuele virleeën, wéi vill Fäll vu Mobbing a Cybermobbing u Mannerjäreger an de leschte 5 Joer bei de Schoule (Primärschoule, Lycéeën, Maison Relais) selwer gemellt gi sinn?
2. Kann de Ministère Zuele virleeën, wéi vill Fäll vu Mobbing a Cybermobbing u Mannerjäreger an de leschte 5 Joer bei der Police gemellt goufen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven  
Deputéierten



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)



**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, an dem Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro Nr. 849 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

**Ad 1)**

D'Fäll vu Mobbing respektiv vu Cybermobbing, déi bei de Schoulen a Maison-relaise selwer gemellt ginn, ginn net statistesch zentral erfaasst.

Et gëtt awer reegelméisseg Récksprooch mat de lokalen a regionalen Acteure gehalen, fir si beschtméiglech bei der Präventioun vu Mobbing esouwéi bei der Protektioun vu betraffene Persounen ze ënnerstëtzen.

Et ass richtig, datt et am Schouljoer 2022/23 101 Kontaktopname vu Kanner/Jonken oder Elteren op der BEE SECURE-Helpline goufen. Allerdéngs hunn dës Kontaktopname verschidden Theemen ëmfaasst, d'Thema Cybermobbing kënnt dobäi op der drëtter Plaz.

Déi dräi Haapttheeme waren:

- Sextortion (Erpressung mat der Verëffentlechung vun intimen oder kompromettéierende Biller oder Videoen): 36 Mol;
- Cyberkriminalitéit: 18 Mol;
- Cybermobbing: 11 Mol

Wat méi allgemeng Zuelen zu Cybermobbing betrëfft, sou kann op d'HBSC-Studie ([www.hbsc.org](http://www.hbsc.org)) mat den Donnéeën (Alter: 11-18 Joer) déi am Joer 2022 erhuewe goufen, verwise ginn: <https://iris.who.int/bitstream/handle/10665/376323/9789289060929-eng.pdf?sequence=2&isAllowed=y>

**Ad 2)**

D'Programmierung vun den Datebanken erlaabt et der Police net, Faite vu Mobbing a Cybermobbing gretrennt erauszefilteren.

D'Police ka just Zuele matdeelen zu Mobbing fir folgend Joren, ouni den Ënnerscheid ze maachen, ob et sech ëm Cybermobbing oder Mobbing handelt an ouni opzeschlësselen, ob et sech ëm mannerjäreg oder groussjäreg Persounen handelt.

| <b>Année</b> | <b>Infractions saisies</b> |
|--------------|----------------------------|
| 2019         | 47                         |
| 2020         | 46                         |
| 2021         | 89                         |
| 2022         | 77                         |
| 2023         | 124                        |

D'Police verweist drop, datt si am Kader vun der Präventiounsaarbecht op hirer Internetsäit Informatiounen zum Thema Mobbing an Ulafstellen zur Verfügung stellt: <https://police.public.lu/de/prevention/cyber-mobbing.html>

Lëtzebuerg, de 5. Juli 2024

De Minister fir Educatioun,  
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH